20

24

# DE FELIX

# IMPRESSUM

**EDITEUR**
Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

**REDAKTIOUN**
ACEL-Comité

**KOORDINATIOUN**
Kimon LENERS
Sophie MANGEN
Laurent SCHENGEN
Charlotte FEDERSPIEL
Jamie KAPPLER

**GRAFIK, LAYOUT**
Alexandre LUONG

**FOTOEN**
ACEL-Comité
Louis EWEN
All Cerclen
Pixabay

**OPLAG**
200 Exemplairen

**DROCKDATUM**
Dezember 2024

# INHALTSVERZEECHNES


Virwuert ............................................................ 01

Dem Felix säi Rätsel ............................................ 02

Dem Felix säi Gedicht .......................................... 03

ACELs Joer 2024 .................................................. 05

» ACELs Joer an Zuelen ........................................ 05
» ACEL Kalenner 2024 ........................................... 06
» ACEL Comité 2024 ............................................... 10

Intercerclen 2024 .................................................. 13

Evenementer 2024 ................................................. 20

» Student fir 1 Dag 2024 ........................................ 20
» De Studentebal 2024 ........................................... 23
» Studentefoire 2024 ............................................... 24
» REEL 2024 zu Köln ................................................ 26
» 40 Joer ACEL Anniversaire ................................... 30

Presi-Anekdot 2024 ............................................... 32

Memes 2024 .......................................................... 33



# VIRWUERT



**Salutii dir Léiwer,**

Et ass erëm esouwäit, de Felix ass geschriwwen, also ass ee weider ACEL-Joer quasi fäerdeg. Ee Joer wat net esou wéi déi aner ass, well mir hunn dëst Joer genau esou wéi d'REEL eise 40. Gebuertsdag. Geéiert huet ons de Grand-Duc mat sengem Besuch op der REEL, wou e bal gemengt huet mir wieren ze vill sozialiséiert ginn, dofir wier hie gäre méi laang bliwwen, mee hien duerft net.

Ee Joer wat awer och voll mat anere flotten Eventer war, a vill Student:inn:en hire Spaass haten (hoffentlech!). Awer och ee Joer wat aneschters ugefaangen huet wéi gemengt, well séier hu mir realiséiert, dass Pensioun och scho fir eis Studenten een Thema ass. Kloer ass sécherlech, dass ons Aarbecht näischt ouni iech [Student:inn:en a Cerclen] wier! Dofir well ech op dëser Platz iech all, besonnesch de Skeptiker, mee grad de Supporter, ee riesen Merci ausschwätzen!

Et war wuel keen einfacht Joer, de Comité war net voll besat an déi eng oder aner Aktioune stoungen um Programm déi mir net selwer drop geschriwwen hunn. An awer hu mir et hikritt, mir hunn ons net ënnerklappe gelooss, nee mir hu probéiert d'Offer ze vergréisseren.


Fir déi nei Lieser vun eisem Felix, hei maache mir ee méi perséinlechen, éierlechen a relaxe Resumé vum Joer, bei dem ech hoffen, dass dir vill Freed dobäi hutt an eventuell motivéiert sidd méi aktiv matzemaachen. Dowéinst wënschen ech iech awer hei schonn emol ganz vill Spaass a Freed beim liesen! Bis dir awer beim witzegen Deel ukomme sidd, muss dir awer nach mäi klengen Input (oder Output) liesen. Fréi hunn ech de Wee an d'ACEL fonnt, mat puer skeptesche Blécker, mee ech hunn et mengen ech net esou schlecht gemaach, soss hätt ech net kennen 3 Joer an dëser grousser Famill verbrénge kennen. Dofir soen ech dem Ben Svettendorf Merci, dass hie gemengt huet mech no 2 Méint Studium ze iwwerzeegen. Dem Polina soen ech Merci, well hat mech ënnerstëtzt huet a mir villes erkläert huet! Dem Michels muss ech fir déi verrécktste Calls an deenen 3 Joer Merci soen, well langweileg ass et och um 3 Auer Moies net méi ginn. Em déi Auerzäit wollten d'Ann, Christine an de Charel schonn oft schlofen, mee et war ëmmer méi flott mat hinnen iwwert de Stress ze schwätzen, wéi schlofen ze goen. An sécherlech geet ee gigantesche Merci un de Gianni an de Rescht vum Comité vun dësem Joer, well zesummen hu mir et gemeeschtert, fir all déi kleng a grouss Projeten unzegoen!

Een häerzlechen a leschte Merci geet natierlech un all Supporter, grad un déi déi oft Verständnis fir meng Agenda a meng Stëmmung haten!
A wann s du bis elo gelies hues, da komm ëmsou méi gären eng Béierche bei mech drénken, mee drénk den och gären elo beim liesen!

**Kimon Leners**
*President vun der ACEL*

# DEM FELIX SÄI RÄTSEL

1. Wie war ACELs President:in 2024?
2. Wéi vill Joerzéngte gëtt et d'ACEL mëttlerweil?
3. Wien ass déi aktuell Héichschoulministesch?
4. Wat ass 2024 den neien Hype bei de Studentendrinks?
5. Wou huet den Tournoi de l'Ambassadeur dëst Joer stattfonnt?
6. A wéi enger Stad hat den ACEL-Comité seng éischt KT vum Joer 2024?
7. Wéi eng lëtzebuerger Celebrity war dëst Joer op der REEL?
8. Wéi een ACEL-Gadget huet dëst Joer säi Comeback geféiert?
9. Wat fir sportlëch Aktivitéieten kann een um Tournoi de Noël alles maachen?
10. Wou wëllen d'Schidsriichter vum Tournoi de Noël higoen an dofir huet den Datum dëst Joer misse verréckelt ginn?




| | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | 11 | 12 | 13 | 14 | 15 |

# DEM FELIX SÄI GEDICHT

Eng grouss Challenge huet op den Olymp gewaart,
E klenge Comité an den Anniversaire hat d'Joer parat.
De Comité hat e weirde flex,
Nämlech hiere klenge Götterkomplex.
Bäikomm ass ëmmer rem e Coopté,
dräi Niewegötter fir an de Comité.

De Meisch huet elo mat anere Chantieren ze dinn,
D'Responsabilitéit vun der Héichschoul huet hie weiderginn.
Déi nei Ministesch hu mir um Neijoerschpatt kennegeléiert,
Och de Frieden huet eis mat senger Presenz geéiert.
Um Student fir 1 Dag sinn mir duerch 25 Stied gereibert,
Fachspezifesch gouf d'Sortiment erweidert.
Et war e spannend Joer fir d'Info,
Am Juli war leider nach ëmmer kee Guide do.
D'Sophie huet Grenze gezunn,
do sinn um Ministère d'Fetze geflunn.
D'Studentefoire bleift wuel länger um Belval,
Dem Ministère huet et do scheinbar gutt gefall.
„Skip the Skip" ass déi nei Devise,
De Kachläffel ass zeréck an eiser Marchandise.

De Präis vum Quizowend geet op Bonn,
Well si hunn dee gewonn.
Um Studentebal hat jiddereen e Pegel,
An den Mattis krut seng Regel.
Beim Killwon klappt dat mat der App ni,
Awer et schléift sech gutt an der Dixi.
D'Virfreed op den Tournoi ass scho grouss,
Wann de Ball geschoss gëtt mat Hänn a Fouss.
Fir d'Repré war et e geluedent Joer,
Ob mir eng Pensioun wäerte kréien ass net sou kloer.
Dofir kréien mir an der Bourse méi Geld,
Dat ass wat eise Kontrakt mam Ministère festhält.

Op Oslo waren mir bei d'ESU,
Duerno stoung fest: déi do kréien vun eis kee Su!

Zu Stroossbuerg ass de Veng a Stréim gefloss,
A mir hunn och mat Äxt em eis geschoss.
Den Dag drop ware mir nach kanelli-sat,
Leider hat keen Elotrans parat.
Um Piccadilly hu mir getest wéiee Pilier deen drénkfeststen ass,
Eent steet fest, d'Info ass (an dësem Beräich) net sou krass.

Kölle war wärend der REEL Place to be,
Et gouf gefeiert wéi nach ni,
Mat dobäi war och den Heng,
Gréisser Problemer goufen et keng. (Ausser eng Camionette...)
Picon Béier huet d'REEL erobert wéi am Stuerm,
Duerno hat och jiddereen en Ouerewuerm.
40 Joer sinn d'REEL an d'ACEL lo al,
Um Anniversaire gouf gefeiert wéi op engem Bal.
Den Diederich gouf vum Alex heem gefouert,
An de Mattis huet an der Urgence gesouert.
Op déi lescht an déi nächst 40 Joer,
Dann hu mir schonn all gro Hoer!


Text: Laurent, Sophie

FELIX


The bridge
to your freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
axxess
VISA
Debit
5431 3210 1234 5678
VALID THRU 11/23
JIL SCHMIT
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

# ACEL'S JOER 2024

# AM IWWERBLÉCK



# ACEL KALENNER 2024

## DEZEMBER 2023

26 ACEL Wanter AG
26 ITV - Wort
27 ACEL Tournoi de Noël
(bis den 28. Dezember)
27 ITV - radio 100,7
29 1. CV

## JANUAR 2024

2 CV - Info
11 SI - LTA
12 CV - Repré
14 Entrevue - REEL
15 SI - LCD
16 Entrevue - ALEM
18 CV - Repré (Bourse & Stage-gesetz)
18 Entrevue - Luxair
18 Entrevue - Stagegesetz (Uni.lu)
20 SI - LGE
20 Entrevue - ANEIL
21 VP Call
25 Entrevue - MESR
26 NJP - ACEL
27 2. CV
30 CV - Regrupp

## FEBRUAR 2024

2 SI - ECG
9 CV - Info
10 Entrevue - REEL
20 SI - LAM
24 SI - LN
24 SI - LTA
29 SI - LTC

## MÄERZ 2024

1 SI - LMA
5 VP Call
7 Entrevue - Eldoradio
9 3. CV
9 Call - Studenteguide
14 Call - Pensioun
22 SI - LHCE
23 SI - LCD
26 SI - LTEtt
28 Kommissioun - CSEN
28 Entrevue - MT & MESR
30 ACEL Quizowend




## ABRËLL 2024

| | |
|---|---|
| 2 | **Student fir 1 Dag** (bis 15. Abrëll) |
| 14 | CV - Jugendrot |
| 17 | Call - Trésorie |
| 21 | VP Call |
| 21 | Entrevue - REEL |
| 21 | CV - Repré |
| 24 | CV - Info |
| 25 | Entrevue - M3S |
| 26 | Entrevue - UEL |
| 26 | **1. KT** (bis 28. Abrëll) |
| 29 | Entrevue - Moovijob |
| 30 | Entrevue - MESR Foire |

## MEE 2024

| | |
|---|---|
| 13 | Kommissioun - AideFi |
| 14 | SI - Geesseknäppchen |
| 15 | Entrevue - REEL '23 |
| 17 | CV - Jugendrot |
| 21 | **4. CV (Deel 1)** |
| 29 | ITV - RTL Lëtzebuerg |

## JUNI 2024

| | |
|---|---|
| 1 | Balversammlung |
| 1 | Grillowend Amicale |
| 4 | Entrevue - Wort |
| 4 | Call - Anniversaire |
| 6 | CV - Info |
| 6 | CV - Repré |
| 6 | **4. CV (Deel 2)** |
| 14 | CV - Jugendrot |
| 17 | Entrevue - Codex (Anniversaire) |
| 19 | Entrevue - REEL |
| 19 | Call - Anniversaire Org. |
| 19 | Call - ABG Wds |
| 20 | Kommissioun - CSEN |
| 27 | CV - Repré |
| 27 | Call - ABG Logement |
| 30 | **5. CV** |



## JULI 2024

1 Kommissioun - AideFi
2 Entrevue - MESR Foire
3 Entrevue - CSL (Pensioun)
5 **ACEL De Studentebal 2024**
7 **ACEL Summer AG**
7 Iessen Summer AG
8 Entrevue - MESR Bourse
10 ITV - RTL Radio Lëtzebuerg
12 CV - Jugendrot
25 VP Call

## AUGUST 2024

3 CV - Info
30 Call - Anniversaire Brochure

## SEPTEMBER 2024

1 Call - Repré ESU & REEL
2 AG - Jugendrot
8 CV - Repré
9 Call - Repré Bourse & Pensioun
9 ITV - RTL Lëtzebuerg
11 Entrevue - REEL
12 Call - Workshop ASBL
13 CV - Jugendrot
14 VP Call
15 Call - Workshop Pensioun
16 Call - Workshop Digitalisatioun
17 **6. CV** (bis 18. September)
17 Entrevue - MESR Bourse
18 **ACEL Rentrée PK**
18 Merci Iessen mat der Amicale
19 **REEL '24 zu Köln** (bis 22. September)
24 Call - Anniversaire (Programm)
27 CV - Info
30 Call - Anniversaire (Programm)

## OKTOBER 2024

1 Call - Anniversaire (Brochure)
4 CV - Jugendrot
7 Entrevue - déi gréng
7 Entrevue - CNEL
10 ITV - Eldoradio (Foire)
14 Kommissioun - AideFi
15 SI - ML
16 SI - EIMLB
16 Call - Anniversaire (Programm)
17 Entrevue - JSL
18 VP Call
18 Call - Pensioun
18 Call - Anniversaire & Foire
23 Entrevue - M3S
24 CV - Jugendrot
24 Kommissioun - CSEN
24 ITV - radio 100,7
24 **Studentefoire** (bis 25. September)
25 ITV - Les Frontaliers

## NOVEMBER 2024

| | |
|---|---|
| 3 | Entrevue - ESU |
| 6 | CV - Info |
| 8 | CV - Jugendrot |
| 10 | Call - Finanzen |
| 10 | Call - ABG Asbl |
| 13 | Call - ABG Asbl |
| 13 | Call - ESU Preparatioun |
| 14 | Entrevue - REEL |
| 17 | **ESU** (bis 23. November) |
| 18 | Entrevue - MESR Foire |
| 21 | Kommissioun - CSEN |
| 25 | Call - ABG Asbl |
| 30 | 7. CV |



## DEZEMBER 2024

| | |
|---|---|
| 2 | Call - ABG Asbl |
| 2 | Entrevue - REEL |
| 4 | Entrevue - Spuerkeess |
| 5 | Entrevue - Wort |
| 5 | Entrevue - VdL (Mme Polfer) |
| 6 | Call - ABG Transport |
| 6 | CV - Repré |
| 6 | Call - Wort Kontrakt |
| 8 | Entrevue - REEL Kandidatur |
| 8 | Call - ABG Asbl |
| 9 | Kommisioun - AideFi |
| 9 | Call - ABG Asbl |
| 9 | Call - Statuten |
| 10 | Call - ABG Asbl |
| 13 | CV - Jugendrot |
| 19 | Entrevue - Wort |
| 21 | Tournoi de Noël (Dag 1) |
| 22 | 8. CV |
| 22 | Chrëschtfeier |
| 23 | Tournoi de Noël (Dag 2) |
| 26 | ACEL Wanter AG |

## OFKIERZUNGEN

| | |
|---|---|
| ABG | Aarbechtsgrupp |
| AG | Assemblée Générale |
| AideFi | Commission des Aides Financières |
| CSEN | Conseil supérieur de l'Éducation nationale |
| CV | Comitésversammlung |
| IC | Intercercle |
| ITV | Interview |
| KT | Klausurtagung |
| PK | Pressekonferenz |
| Sf1D | Student fir 1 Dag |
| SB | Studentebal |
| SI | Studieninfo |
| TdN | Tournoi de Noël |
| VP | Vizepresident:in |

# ACEL COMITÉ 2024



**Kimon Leners**
*President*
*aka Zeus, Première Schmier, Kim-On Ung*

**Politikwëssenschaften,**
München

Coordination générale, REEL, Studentebal 24, Anniversaire

Huet säin Numm op der Jackett stoen fir en net ze vergiessen
Wëll mat de Leit vum MESR Kuch baken
Gëtt „premier étudiant" genannt
Heescht an der Stad



**Gianni Di Paoli**
*VP Representatioun*
*aka Poseidon*

**Informatik,**
München

Koordinatioun vum Pilier, REEL, Stagegesetz a Bourse, Studenteguide, Anniversaire

Ass fréier all Dag an d'Mensa gaang
Mir erkennen, analyséieren a maachen näischt
Seng Aufgab ass de verbalen Duerchfall
Rett eis Pensioun



**Laura Oé**
*VP Informatioun*
*aka Demeter, Jessica, Julie*

**Plant Science,**
Bonn

Koordinatioun vum Pilier, Student fir 1 Dag, Zoom, Studentefoire, Guiden

Richt ëmmer angeneem no Knueweleck
Crispy onion = Paprika
„Ech hunn hei de Klengsten"
Campt um Studentebal



**Grégory Kieffer**
*VP Regruppement*
*aka Hera*

**Volkwirtschaftslehre,**
Freiburg

Coordinatioun vum Pilier, VDL, LASEL, Codex, Munhowen, Boissons de Contern, Losch

Mécht „wuff wuff" an erwaard sech e Leckerli
„Ohnee, elo musse mir drénken"





**Mattis Noël**
*Sekretär*
*aka Hermes*

**Politikwëssenschaften,**
Innsbruck

Newsletter, Mailen, Rapporten, Summer AG, Pensiounsreform

Never stop a rolling system
Ech lieben den Divers an den Divers liebt mech
„une bouteille de veng svp"
Hien ass de Mattis an hien ass och dobäi
Blesséiert sech nëmme fir kee Rapport méi ze schreiwen



**Egan Paquay**
*Tresorier*
*aka Athene*

**Comptabilitéit a Finanzen,**
St. Gallen

Budget, Trésorerie, Sponsoring

Sëtzt am Bureau vum Studentebal - Sou no an awer sou wäit
Drénkt bis e voll genuch ass, dass de 4 Ae-Prinzip agehal ass
Verhällt sech ëmmer rëm dass hien net a Schwäizer Frang soll rechnen
„Du kanns zu allem eng Meenung hunn, et ass genial!"



**Fränk Prim**
*Responsabel Informatik*
*aka Artemis, Me Fränk Prim*

**Medizinesch Informatik,**
Heilbronn

Programméieren, Problemer fixen, Internetsite verbesseren, ASBL-Gesetz

Ëmmer wann hie schwätzt, muss hie méi schaffen
2. Spellchecker



**Laura Matheis**
*Responsabel Grafik*
*aka Aphrodite*

**Marken- a Kommunikatiounsdesign,**
München

Grafiken designen, Social Media, Videoe schneiden

Gréng ass einfach gréng
Mécht ACEL-Saachen op der Aarbecht



**Pit Feltes**
*Comitésmember*
*aka Hestesia, Pedro Feltes*

**Physik,**
Karlsruhe

Studieninformatiounen, Student fir 1 Dag, Guiden

Ass eise beschte Bauaarbechter
„Ech si mega un Drogen interesséiert"
Feinmotorik ass ganz schwiereg



**Alex Luong**
*Comitésmember*
*aka Hephastios*

**Stadtplanung,**
Kaiserslautern

Student fir 1 Dag, Guiden, Grafiken a Powerpoints, Videoen

Réckelt e Premier Conseiller fir eng besser Foto
„Ech kann alles"
Bei him um CV ass PowerPoint kee Soft Skill, mee en Hard Skill



**Dany Da Silva Pinto**
*Comitésmember*
*aka Ares*

**Sozial Aarbecht,**
Köln

Intercerclen & Baler, Studentebal 2024

Ass informatesch super begabt, net Leverkusen ass Schold u sengen Alkoholkonsum



**Laurent Schengen**
*Comitésmember*
*aka Apollo*

**Geschicht a Geographie op Lehramt,**
Köln

ESU-Application, Rundfunkbeitrag, Greenevent, KfZ, CSEN, Jugendrot

„Mäin Alter ego ass den Dyonisos wann ech voll sinn"
„Ech brauch nëmmen e Schlauch"
1. Spellchecker an 2. Sekretär
Rasender Reporter fir déi irrelevanteste Recherchen



**Jamie Kappler**
*Coopté*
*aka Hades*

**Germanistik,**
Köln

Studentesich, Studentebal 2024

Ka besser Dréibicher schreiwen wéi déi zu Hollywood
Huet um Studentebal seng Séil verkaf



**Charlotte Federspiel**
*Cooptée*
*aka Hekate*

**Wirtschaftswëssenschaften,**
Innsbruck

Tournoi de Noël

„Dua Lipa ass mäi Girl-Crush. Sou lo ass et raus“



**Sophie Mangen**
*Cooptée*
*aka Persephone*

**Sonderpädagogik,**
Köln

Student fir 1 Dag 2025,
Studentefoire,
Déléguée „Stack aus dem Aarsch“

„Mengs de ech schloe fir dass et kribbelt?“
Herrscht mam Jamie iwwer den Dépôt
Zerklappt sech bal mam Ministère



# INTERCERCLEN 2024

## 02 FEBRUAR

- **23-25** Skiweekend *(Friblëtz)*

## 03 MÄERZ

- **01-03** Dodgeball *(CELB)*
- **08-10** Lëstlé goes Chapi & Rallye *(Lëstlé)*
- **23** Route du Vin *(ALUS)*
- **29** Fräibéier *(ANEIL)*
- **30** Quizowend *(ACEL)*
- **31** Münchner Bal *(LSM)*

## 04 ABRËLL

- **05** Hüttenzauber *(LSW/LSI)*
- **13** Swisscup *(Friblëtz)*
- **19-21** Düsselympics *(LSD)*
- **26-27** Tournoi de l'Ambassadeur *(CELB)*

## 05 MEE

- **03-04** BBQ Balélec *(AELL)*
- **03-05** Lët'z Go Wü *(LSWü)*
- **04-05** Bonn in Flammen *(Alesontia)*
- **14-14** Bluttspend-Marathon (bis 14.06) *(ALEM)*
- **26-28** Saufest *(LSW)*
- **25** Spikeball *(SLUF)*
- **31-02** BASE-Cup (bis 02.06) *(LSW)*

## 06 JUNI

- **13-14** Beachvolleyballtournoi *(LSK)*
- **15-16** De Feierwon *(LSH)*
- **29** Summercup *(ALUS)*

## 07 JULI

- **05** De Studentebal *(ACEL)*

## 08 AUGUST

- **26** LSÖ goes Stau *(LSW/LSI)*

## 09 SEPTEMBER

- **19-22** REEL'24 zu Köln *(REEL)*
- **26-28** Oktoberfest *(LSM)*



Een Intercercle ass een Zesummekomme vu Studenten:innen an enger Studiestad oder zu Lëtzebuerg. Dobäi organiséiert de Cercle Organisateur een Iessen, ee Rallye oder e Sportturnéier wou et och ëmmer genuch ze drénke gëtt, sou datt kee muss duuschtreg heem goen.

Ob zu Kaiserslautern d'Ekippen dorëms kämpfe wien dee beschten am Volleyball ass oder wien zu Oochen am beschten um Cafésrallye ofschneit, genuch Spaass ass ëmmer dabäi. Ee Stroossbuerger Beerpongturnéier zu Lëtzebuerg, e Rallye duerch Zürech oder d'Saufest un der Donau sinn nëmmen e puer vun de villen Intercerclen un deenen een als Student:in kann deelhuelen. Dëst Joer hu 25 Intercerclë stattfonnt, zwee a Frankräich, zwielef an Däitschland, véier an der Schwäiz, een an Éisträich, een an Holland an zwee an der Belsch an dräi zu Lëtzebuerg. Hei hunn am ganzen 2359 Student:innen drun deelgeholl a konnten sou nei Kolleege kenne léieren an eng gutt Zäit zesumme verbréngen.

Ob Ersti oder Masterstudent:in, Student:in a Frankräich, Däitschland oder der Schwäiz, um Intercercle kënnt jiddereen zesumme fir sech ze amuséieren, nei Fréndschaften ze schléissen an zesummen een ze drénken.

## 10 OKTOBER

- **25** Oochener Bal *(AVL)*
- **22-23** Beerpong *(Friblëtz)*

## 11 NOVEMBER

- **01-03** Caférallye *(AVL)*
- **10-12** Kölle Alaaf *(LSC)*
- **14** Tarte Flambée *(ALUS)*
- **15-16** Clear the Bottles *(LSZ)*

## 12 DEZEMBER

- **21** Badener Bal *(AELK/LSH/SLUF)*
- **21|23** Tournoi de Noël *(ACEL)*
- **25** Zürcher Bal *(LSZ)*
- **28** Bréisseler Bal *(CELB)*

**Spikeball zu Freiburg (SLUF)**

De SLUF – Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg, huet de 25. Mee 2024 déi drëtt Editioun vun hirem Spikeball-Intercercle organiséiert. Deelgeholl hunn insgesamt 48 Student*innen aus 7 Cerclen, dovun waren der 18 aus externe Cerclen.

Bei sonnegem Wieder hu mir eis um 11:00 Auer um Ökosportplatz vun der Uni Freiburg getraff a wéi bis all Mënsch waarm gespillt war, gouf den Tournoi géint 11:30 Auer lancéiert. Fir unzefänke gouf eng Gruppephas ënnert de 16 Ekippe gespillt. Duerno goufen Ausscheedungsmatcher nom Double-Elimination-Prinzip gespillt.

Fir déi Leit, déi net um Tournoi deel geholl hunn, gouf et och genuch Entertainment. Déi meescht hate vun der All-you-can-drink Offer profitéiert, an där dëst Joer och ënnert anerem e klengt Mëttegiesse, bestoend aus Baguette an allméiglече Belag fir drop, mat abegraff war. Ausserdeem gouf nach niewebäi eng Rëtsch Partië Flunkyball gespillt a gutt vun der Sonn esou wéi vun der no geleeëner Dreisam profitéiert.

Ëm 18:30 war et du souwäit, eis Gewënner stounge fest, an d'Präisser goufen un eis Top 3 verdeelt. Nodeems dunn alles wechgeraumt gi war, gouf sech op de Wee gemaach fir an de Restaurant „Gaststätte Paradies" e Maufel iessen ze goen. Um Menü stoungen zur Auswiel zwee Schnitzel mat Fritten, Käsespätzle oder de veganen Zitrounengrascurry.

Zu gudder Läscht hu mir dann nach vum Freiburger Nuetsliewe profitéiert an hunn eng Rëtsch Bistroen an deen een oder anere Club besicht bis dunn d'Freiburger Sonn erëm um Himmel ze fanne war.



**Beerpong zu Fribourg (Friblëtz)**

No laangem Waarde war et den 22. November endlech rëm souwäit: De Friblëtz huet zu Fribourg op säin traditionelle Beerpong Intercercle invitéiert. Séier hunn d'Memberen aus dem Comité gemierkt, dass dës Editioun Rekordverdächteg wier. An tatsächlech, scho Freides um Pubquiz am l'Éclectique ware méi wéi 50 Participante present. An aacht verschiddene Kategorië gouf d'Wëssen vun de Gruppe vu Sport bis Geo awer och Culture Générale ofgefrot. Um Enn hu just zwee Punkten iwwert d'Victoire entscheet. Den Owend ass da gemitterlech mat der eng oder anerer Béier ausklénge gelooss ginn.

Samschdes, pünktlech um 12 Auer ass dunn de kulturellen Deel vum Intercercle lass gaangen. Genau wéi d'lescht Joer war den Treffpunkt beim Kebab 83, dem beschten aus dem ganze Kanton. Nodeems den Honger fir eng absehbar Zäit gestëllt gouf, ass eisen traditionelle City-Tuer lass gaang. Kombinéiert goufen heibäi déi impressionant Vuë vu Fribourg iwwert d'Aalstad, déi wéi e Winterwunderland vum Schnéi bedeckt war, mat der Visitt vun e puer vun eise Liiblingscaféen. Dobäi huet och kee missen Duuscht leiden, am Trentenaire gëtt et eng Béierauswiel déi kaum ze iwwerbidden ass, am Belvedère kann ee vun der Terrasse aus déi ganz Scheinheet vu Fribourg bewonneren.

Dunn war et och scho sou wäit a mir hunn eis op de Wee bei d'Teutonenhaus gemaach. An der wëller Gottéron-Schlucht hate mir wéi ëmmer eis Rou a konnten eis ouni Zwëschefäll op den Tournoi konzentréieren. An e Béierpong-Tournoi fänkt een am beschte mat engem Apero un: et war Zäit fir Glühwäin! Nodeems jiddereen sech mat dem engen oder anere Becher Glühwäin opgewiermt hat a prett war em d' Victoire ze kämpfen, ass den Tournoi, deen dëst Joer vu Bofferding gesponsert war, lassgaang.

No enger initialer Gruppephas vu 4 Ronnen déi nom schwäizer System gespillt gouf, ass d'KO- Phas lassgaang. D'Nervositéit ass ëmmer méi grouss ginn, well d'Präisser waren dëst Joer wierklech net ze kleng: déi éischt Ekipp sollt sech op e 5L Béier-Tower mat flotte Glieser vu Bofferding freeë kënnen. Fir déi zweet Plaz waren och Glieser vu Bofferding virgesinn, an eppes fir se ze fëllen: Eng 3L Fläsch Quöllfrisch. Fir déi drëtt Plaz huet de Lëtzeburger Bongen am Wäert vu 40 Euro gesponsert. Um Enn sollt et eng eenheemesch Ekipp vu Friblëtzer sinn déi sech duerchsetze konnten, Gratulatiounen u YingYang!

No Friblëtzer Traditioun war et nom Tournoi awer nach et eriwwer. Effektiv ass d'Party eréischt richteg lassgaangen nodeems d'Beerpong-Dëscher ofgeraumt waren a mir bis 6 Auer moies gedanzt hunn.

**Lët'z Go Wü zu Würzburg (LSWü)**

Vum 03.-05. Mee 2024 hat den LSWü zu Würzburg säi 4. Intercercle.

Gestart hu mir Freides mat engem entspaanten Owend op der alten Mainbrücke wou eis Gäscht direkt schonn op de Genoss vu puer Würzburger Wäiner komme konnten. Méi spéit am Owend hu mir nach e klengen Abstecher an enger Bar gemaach, ier mir duerno all ziviliséiert schlofe gaange sinn fir den Dag drop fit ze sinn.

Samschdes moies ass et dunn, fir am Rhythmus ze bleiwen, och direkt mam Wäi weidergaang a Form vun enger Wäindegustatioun. Am Juliusspital krute mir d'Wäigut gewisen an alles erzielt wat een als Wäiliibhaber wësse muss. Deen een oder anere Wäin ass et dunn natierlech och rëm ze schmaache ginn, soudass och hei keen duuschtreg bliwwen ass.

Duerno ass et no enger klenger Mëttegpaus dann och direkt weidergaang mat eisem Rallye duerch eis wonnerschéin Stad, wou de Würzburger Wäin dann duerch de Lëtzebuerger Béier ersat ginn ass.

Op insgesamt 5 verschiddene Stänn konnte sech 5 Gruppen ënner Beweis stellen an zousätzlech och a Form vun Challengen Pluspunkte sammelen. Och en Tausch- a Fotospill war dëst Joer en Deel vum Rallye, soudass d'Gruppe sech nach méi mat eiser Stad beschäftege konnten.

Owes si mir fir ons ze stäerken all zesummen an de Sternbäck iesse gaang, wou d'Mataarbechter sech no eegener Ausso schonn dat ganzt Joer op eis gefreet hunn. Als Ofschloss sinn mir dann dueno nach an den Zauberberg feiere gaangen an hunn den Owend ausklengen gelooss.

Sonndes si mir dunn nach zesumme frühstücke gaang an hunn d'Gewënner-Grupp vun eisem Rallye gefeiert. Direkt duerno hu mir eis dunn awer leider missten endgülteg vun all eise Gäscht verabschiden a missten se mat Tréinen an den Aen zeréck an hier Studiestied schécken.



**Oktoberfest zu München (LSM)**

Wéi all Joers hu mir och dëst Joer rëm de legendären Oktoberfest-Intercercle bei eis zu München organiséiert, dëst vum 26. bis 28. September.

Am Laf vum Donneschde sinn eis Gäscht an der schéiner bayrescher Haaptstad ukomm. All eis Participantë konnten ënnerbruecht ginn, ronn 15 Leit ware bei eise Comitésmembere logéiert. Gestart hu mir eisen Intercercle dunn donneschdes owes an eisem Stammlokal der Klenze 17 wou mir eis 94 Participanten op e Wëllkomm-Patt invitéiert hunn. Do konnte mir op e flotte Weekend ustoussen an eis mat dem een oder anere Béier op den nächsten Dag preparéieren.

Freides moies huet et du geheescht fréi opstoen, fir een Dësch um Oktoberfest am Hacker-Festzelt „Himmel der Bayern" ze ergatteren. Dofir hu mir eis schonn um 8 Auer op der Theresienwiese an eiser schéinster Truecht getraff. Fir dass d'Waarden an der Rei net ze laang gëtt, hu mir eis Participante mat enger Schockelasrull versuergt. Um 10 Auer ass et dunn endlech lassgaang a mir kruten déi éischt Maß op den Dësch gestallt. Wou d'Musik du bis lassgaangen ass war kee méi vun eis ze bremsen a mir hunn de ganzen Dag ausgelooss op de Bänke gedanzt a gesong. Wärend dem ganzen Dag hate mir eng Foto-Challenge lafe bei där vill kreativ Fotoen an eis Grupp geschéckt gi sinn.

De leschten Dag si mir bësse méi spéit an den Dag gestart an hunn eis all beim Waldmeister fir e gemittleche Brunch getraff. Do si mir ënner anerem mat Birchermüsli, frësche Croissanten, Bréidercher, Omlett, Weißwürste a Brezen verwinnt ginn, ier mir eis du mat der S-Bahn ob der Wee gemaach hunn an d'Therme Erding. Do hu mir dunn no dem ustrengenden Dag freides een entspaante Nomëtteg verbruecht. Déijéineg, déi nach Energie haten, huet een op eng vun den 28 Rutsche rëmfonnt, déi aner hu gemittlech e Cocktail am waarme Waasser gedronk oder hu probéiert an engem vun de Gesondheetsbäder hire Kater ze bekämpfen.

Samschdes hu mir eise leschten Owend zesummen an engem typesche Wiertshaus ausklénge gelooss a sinn nach een Tour iwwert Wiesn geschlendert, wou mir dunn eisen Intercercle ofgeschloss hunn. Sonndes moies hu mir eis du vun deene leschte Gäscht zu München verabschit.



# STUDENT FIR 1 DAG 2024

...jeeglech Erënnerungslücken géing ech gäre mat mengem Schlofmangel erklären.
Ugefaangen huet alles am Dezember 2023, deemools nach als Cooptée sinn ech domadder beoptraagt ginn de fachspezifesche Sf1D mol un d'goen ze kréien an auszeschaffen. Dass sech dat virun allem fir meng Franséischkenntnisser als eng ganz néi Challenge erauspuppt, sinn ech dunn am éischte Call mat der Uni.lu och gewuer ginn.

Op der Assemblée Générale de 26. Dezember ass dann aus enger Mëschung aus Angscht a Virfreed Realitéit ginn, d'REEL geet op Köln an ech gi VP Info. Vill Zäit driwwer nozedenken ass awer opgrond vu sportlechen a sëffege Meeschterleeschtungen um Tournoi net bliwwen. Am Januar hunn ech da ganz schnell mäi flotte Pilier zesummegetrommelt an de méi konkrete Planning huet ugefaang. Duerchaus net einfach wann net nëmme mir mat personellem Wiessel ze kämpfen hunn, mee och Voyages Emile Weber.

Relativ schnell huet sech dann awer den Aarbechtsrhythmus fonnt a mir haten alles TipTop geplangt, formatéiert an och de leschte Cercle hat säi Programm erageschéckt. De flotten Umeldungssite ass nees mat ganz vill Léift vum Felix betreit ginn, deen och zu den onméiglechsten Zäiten ëmmer Éischt informatesch Hëllef leeschte konnt<3

Wou d'Umeldunge bis op waren hunn d'E-Mailen an Telefonater net laang op sech waarde gelooss. Am Lycée krut een nach gesot „Dat muss esou gutt setzen, dass wann um 3 Auer moies een dech erwächt et wéi aus der Pistoul geschoss kennt", haut weess ech dass dës Situatioun a mengem Liewe bis elo eenzeg an eleng an der ACEL virkomm ass. No ronn 200 Mails a 50 Uruff stoung dann endlech de groussen Dag virun der Dier.

Problematesch war just, dass mer Ouschterméinden net berücksichtegt haten, an déi léif Buschaufferen eis flott Participantslescht net haten. Um 4 Auer moies huet dann déi éischte Kéier mäin Telefon geschellt, firwat d'Schülerin lo eng Stonn ze fréi um Bouillon war kann ech iech och net soen, mee de Buschauffer war et op allefalls net. Den Här wosst nämlech net, dass e vun Ettelbréck nach bis an d'Stad fuere soll ier et op Freiburg gaangen ass.




Net weider schlëmm, am Schwarzwald geet een d'Saache jo entspaant un, bei mir awer net. E ganzen Dag voller Uriff, Mails a Verzweiflung méi spéit war dunn de Wuerm am Apel fonnt. Eng Telefonsnummer um Ziedel vum Chauffeur huet net existéiert. Fir dass de nämmlechte  Problem net nachengkéier optrëtt hunn ech du schnell bei der Hotline ugeruff, den Här um Telefon hat awer wuel méi dréngend Suergen a war schockéiert dass e Client mat Grond géing uruffen an huet mer fix agehaang. Egal, et muss weidergoen.

No dem Schock vum éischten Dag ass et dann sou lues méi flësseg gelaf an de Sf1D Marathon huet fir mech erreicht sou richteg ugefaang. 5 Destinatiounen a 5 Deeg ze begleeden ass duerchaus ambitionéiert, nach dobäi alles ze organiséieren an de Helpdesk ze sinn ass bal onméiglech. Dobäi awer genuch ze schlofen ass definitiv onméiglech. Nodeems ech dann a 14 Deeg Bonn, Saarbrécken, Oochen, Köln, Tréier, München an Heidelberg besicht hat, ouni och nëmmen eng Kéier méi wéi 4 Stonnen ze schlofen ass mer näischt anescht bliwwe wéi mech bei deenen anere Comitésmemberen ze bedanken. Virun allem de Greg dee bal souvill ënnerwee war wéi ech, an de Laurent dee bäi wäitem déi schlëmmste Kombinatiounen (fir de Schlof a säi Mo) mat Paräis-Bonn an Zürech-Wien begleet huet. Mee Hey,op mannst ass dëst Joer kee verluer gaangen!

Mee do war jo nach eppes, de fachspezifesche Sf1D! No Ronn 2 Woche méi oder manner Erhuelung war deen awer vergläichsweis Peanuts an ass mat ganz positivem Bilan iwwer d'Bün gaang. Nächst Joer jiddefalls gären erëm, léif fachspezifesch Cerclen.



Dëst Joer konnte sech Schüler:innen tëschent folgende Stied entscheeden:

**2. Abrëll:** Freiburg, Paräis
**3. Abrëll:** Nanzeg, Bonn
**4. Abrëll:** Saarbrécken, Esch-Belval
**5. Abrëll:** Kaiserslautern, Amsterdam
**8. Abrëll:** Bréissel, Zürech, Oochen
**9. Abrëll:** Wien, Köln, Düsseldorf, Lausanne
**10. Abrëll:** Tréier, Berlin
**11. Abrëll:** München, Innsbruck
**12. Abrëll:** Karlsruhe, Heidelberg, Maastricht, Léck
**13. Abrëll:** Stroossbuerg

Alles an allem war de Sf1D hoffentlech net nëmme fir mech eppes bei deem ech ganz vill geléiert hunn. Vill flott Iddien an Impressioune konnt ech mat Heem huelen a no 535 Participatioune kann ech nëmmen hoffen, dass d'Sf1D-Dauerwerbesendung zu der ech gi sinn, nach vill méi néi Léit mat sech bréngt.

Merci ACEL-Comité!
Merci Voyages Emile Weber!
Merci Luxair!
Merci Cerclen!

Wann s du méi Detailer iwwert den Oflaf vum Student fir 1 Dag wëlls wëssen, besich eisen Internet-Site acel.lu/sf1d



# DE STUDENTEBAL 2024

De Studentebal 2024 war erëm e vollen Erfolleg...
Ab Januar ass et mat deenen éischte Virbereedunge lass gaangen a vu Mount zu Mount ass et méi intensiv ginn. Déi ganz Woch vum Studentebal war de Comité um Site an huet déi éischt Saache virbereet an dat éischt Material an Empfang geholl. De 4. an de 5. Juli konnte mir och dëst Joer erëm duerch d'Ënnerstëtzung vun de Cerclen de Site bannent zwee Deeg opbauen an an engem Dag erëm ofbauen.

Freides de 05. Juli war et dann esou wäit, déi 23. Editioun ass pünktlech um 20:00 gestart. Nieft Béier a Cola-Wäin hunn 30 Studentecerclë, verdeelt op 10 Comptoiren, iech mat 29 verschiddene Cocktails, Drinks a Shots verwinnt. Fir den Honger virum oder nom feiere war natierlech och dëst Joer nees duerch e Cercle gesuergt. Fir déi gutt Stëmmung hunn ab 20 Auer den DJ-Duo Fleex&Deys an och den DJ Blueteck an ab 24 Auer den DJ Nosi gesuergt.

Mir soen all de Cerclen, der aACEL, eise Partner an all den anere Leit, déi ons gehollef hu fir dësen onvergiessleche Studentebal, e grousse Merci. Mat vill Freed bereede mir och schonn déi 24. Editioun vum Studentebal vir, wou mir iech hoffentlech all erëm gesinn!

DE
STUDENTE
BAL 24



# STUDENTEFOIRE 2024

Dëst Joer war d'Foire déi véierte Kéier um Belval... naja ech menge jiddereen huet dozou sou seng Meenung.

Den 23. Oktober ware mer eng éischte Kéier um Site, den hallwen Depot ass e Stack erop geplënnert a vill Goodie Bags si gepak ginn.

De 24. sinn et du Fréibéiere ginn. Trotz Hiobsbotschaft hu mir eis net bremse gelooss an d'Mëtschen an de Kaffi hunn et och bei eis gepackt. Sou lues hunn dann och déi éischt Schüler:innen hire Wee bei eis fonnt an eng Missioun hat iewescht Prioritéit: Informéiere bis mer ëmfalen!


Wéi mer héieren hu gouf och vun dem flotte Beräich an der Mëtt vun de Stänn profitéiert an eng ganz néi ACEL-Trophy gouf agefouert. Alt schéin dass dëst Joer kee Maskottchen hu misse geféscht ginn.

Owes konnte mer eis dann nees mat Schnittescher vum Ministere versuergen, well mer awer net wëllen dass ee vun de Bee fält hu mir och nach Pizza zum beschte ginn.

De 25. ass et rëm all aller Härgottsfréi lassgaangen, verschidde Schüler waren sou motivéiert dass si och schonn eng Stonn ze fréi waren, wat eis awer vun näischt ofgehalenen huet. No Ronn 2000 verdeelte Guide du Futur Étudiants a vill Begeeschterung fir de Retour vum ACEL-Kachläffel ware mir och frou dass d'Zuel vu Visiteure lues a lues ofgeholl huet. Den Enthusiasmus dass mer et gepackt haten, huet eis dann och gewise wéi multifunktional eisen Zollstock ass, mat deem kann een nämlech och en Ëmfang moossen, fëschen an eng ACEL-Bofferding opmaachen.



**STUDENTEFOIRE**
by MESR
Foire de l'Étudiant ▪ Student Fair ▪ Studierendenmesse



Elo wou d'Foire e puer Wochen hier ass freeë mer eis hoffentlech ganz vill Schüler um Sf1D erëmzegesinn a natierlech dass jiddereen elo e bësse méi no u sengem Draamstudium ass. Eng Saach sief nach gesot, et kann net méi laang dauere bis mir dem Kichechef de Rang stréiteg maache ween a méi Lëtzebuerger Kiche présent ass.

Am grousse ganze war d'Foire e vollen Erfolleg. D'Schüler:inne ware ganz zefridden, mir ware frou iech als Cerclen esou zuelräich gesinn ze hunn an dat d'Foire lues a lues nees un eng al Foire de l'Étudiant an de Foireshalen eru kënnt.





# REEL 2024 ZU KÖLN

Déi 40. Editioun vun der REEL dëst Joer zu Köln war eppes ganz Spezielles. Net nëmme wéinst dem 40. Anniversaire, mee och well de Grand-Duc sech dozou decidéiert huet, eis mat senger Presenz ze verwinnen.De Bus zum Bouillon ass nawell richteg fréi gefuer, wat all déi midd Gesiichter erkläert huet. Do konnt ee schonn déi éischt Läiche gesinn, obwuel d'Béierläichen eréicht fir mei spéit ageplangt waren. An awer huet dat keen dovunner ofgehal, sech mol mat Béier richteg waakreg ze drénken.

Zu Köln goufen d'REELaner:innen du vun engem motivéierte Kölner Comité, leider ouni Kölner Dialekt, begréisst éier et du mat engem klenge Moiesmaufel weidergaang ass. D'Workshops sinn och alleguerte super verlaf, woubäi ee soe muss, dass d'REELaner:innen ganz iwweraschent besonnesch vill Motivatioun an Interessi um Pensiounsworkshop haten. Wann een awer mei konkret driwwer nodenkt ass et awer net sou iwweraschent, vu dass verschidde Student:innen scho gläich um Pensiounsalter dru sinn. Aner Sujete vun de Workshops waren nieft dem Lëtzebuerger Pensiounssystem och dat neit ASBL Gesetz, wei och de Sujet vun der Digitalisatioun. Déi dräi Workshops goufen alleguerten am "Philosophikum" duerchgefouert, wat och mat grousser Warscheinlechkeet de Grond ass firwat esou intensiv iwwer déi Sujete philosophéiert gouf, vu dass jidderee säin ënneren Aristoteles entdeckt huet.

No de Workshops gouf et eng Stäerkung an der Mensa vun der Uni Köln éier et du mat den traditionellen Partnervirträg an duerno der Partnerfoire weidergaang ass, wou deen een oder anere REELaner sech sécherlech duerch säi seriöt a respektvollt Optrieden eng Schaff- a Stageplaz ergattere konnt. Parallel zu der Partnefoire gouf et dann endlech eppes géint den Duuscht deen sech duerch all déi Stonne seriöt Schaffen ugesammelt hat. No der Foire war et dunn endlech mol Zäit fir eppes ganz seriöes; d'Soirée privée am Club Zimmermanns!Mat wéineg Schlof, düstere Katergrimassen an de virdrun ugeschwate Béierläiche stoungen da Freides d'Visitten am Chempark, an de Ford Werke, beim WDR oder beim Flughafe Köln/Bonn um Programm. Zäit fir fortzefléie war awer net opgrond vun dem ustoendem Rallye mëttes duerch d'Domstadt bei deem REELaner:innen d'Chance haten sech nach besser kennenzeléieren.



Den Alkohol deen do consomméiert gouf huet bestëmmt ee groussen Deel dozou bäigedroen. No dem ganze Getrëppels hu mir eis dunn alleguer am Restaurant Maybach getraff fir zesummen sou richteg ze starten a gutt z'iessen. Fir alleguerten ausserhalb vun eisem Event war et sécherlech ee grousse Kulturschock, déi zukünfteg akademesch Elite vu Lëtzebuerg esou z'erliewen. Een Highlight deen de Serveuren a Serveusë sécherlech gutt gefall huet war den traditionellen "Dësch an d'Luucht", bei dem déi sech schonn virun hirem geistigen Auge gesinn hunn, wei si dat hirem Chef erkläre sollen. Deen een oder anere Participant huet och schonn Ouschtere geféiert an ass op Eërsich gaangen. Den Ofschloss vum Dag war eng Soirée publique an der Roonburg op där den Jaspar genee sou duuschtereg war wei d'REELaner:innen selwer.

De Samschden war et dann endlech souwäit, d'Journée politique stoung um Programm. Mat genuch Reschtalkohol am Blutt fir ee Päerd ze betäuben huet jiddereen seng Tenue correcte ugedoen an sech chic gemaach fir eise Grand-Duc am Hotel Hilton ze empfänken. Virun dësem Highlight war et awer fir d'éischt mol Zäit fir ee Monolog vum Direkter vum Lycée des Arts et Métiers, Fabrice Roth. Dunn war de Moment och komm: De Wilhelmus ass ertéint, an den de Grand-Duc Henri Albert Gabriel Félix Marie Guillaume vun Nassau, och Heng genannt, ass mat e bëssen Retard mat der Oberbürgermeisterin vu Köln, Henriette Reker, am Hotel ukomm. D'Oberbürgermeisterin huet direkt mat enger sou gudder Ried ugefaangen, dass et der Präsidentin vun der REEL glat d'Sprooch verschloen huet.

Den Heng huet ofschléissend nach e klengen Tour gemaach an e Pättche mat de Student:inne gedronk fir e puer Andréck iwwert dat haiteg Studenteliewen ze kréien. No dem Mëttegiessen an ongeféier dausend Comitésfotoen mat eisem Grand-Duc ass seng Zäit op der REEL dann op en Enn komm a mir hunn eis vum "mon signore" verabschit. Fir d'Security konnt dëse Moment net ze fréi kommen.

Doropshi gouf et eng Table Ronde mat der Madame Ministesch fir Héichschoul a Digitalisatioun Stéphanie Obertin, Serge Linckels, Direkter vum Digital Learning Hub, Sylvia Ridlesprige, Direktesch des affaires générales et des partenariats formation de la Chambre des Commerces, de Christophe Ley, Mathematiksprofessor op der Universitéit Lëtzebuerg an dem wichtegste Personnage vun all dësen:

den ACEL President Kimon Leners. D'Debatt war lieweg, intensiv an interessant, dat sécherlech opgrond vum Kimon deen d'Student:innen richteg gutt vertrueden huet, firwat hien och all Kéiers wann hie bei enger Fro nogehaakt huet, een décke fetten Applaus vun de REELaner:inne krut.

Den akademeschen Deel war dunn och gepackt an et ass weider bei d'Iessen a bei déi wichteg Saache gaangen: de Béier an de Wäin. Komescherweis hunn d'REELaner:innnen sech esou gutt beholl, dass den Hotel de Wäin mat Waasser gestreckt huet fir eis e klengt Zwischenwasser (Zwiwa) unzebidden. Dat wär ee Grond gewiescht, deen anere Grond war warscheinlech de REELs Comité, vu dass si direkt nieft der Entrée vun der Kiche souzen, sech all Fläsch Wäin déi aus der Kiche komm ass direkt gekroopt hunn an no ongeféier 30 min méi Prozent (jo Prozent keng Promille) am Blutt hate wei alleguerten déi aner Participanten zesummen.

Puer Stonnen a puer Glieser net gestreckte Wäin méi spéit si mir dann alleguerte per Bus an de Club op d'Soirée privée kutschéiert ginn. D'Stëmmung an de Busser war opgrond vun de Musiker:innen, déi hir Instrumenter dobäi haten, super, och wann deen een oder aneren Toun net méi sou ganz riicht geklong huet. Am Club ukomm, gouf do weider getankt an dat wonnerschéint REEL-Lidd gouf per Liveoptrëtt gespillt.
Mat vill Kappwéi war et dunn Zäit fir de leschten Dag vun dëser erfollegräicher REEL. Hei haten d'Student:innen an d'Ex-Student:innen d'Méiglechkeet sech am Viraus fir d'Kölnisches Stadtmuseum, d'Motorworld, d'Schloss Augustusburg, oder den Dram vun all Effzeh Fan, d'Rhein-Energie Stadion, woubäi d'REEL dei grouss Éier hat, de lëtzebuergesche Fussballprofi Mathias Olesen op der Visitten dobäi ze hunn, unzemellen. Obwuel de Mathias ebessen Verspéidung hat an sech verschidde REELaner:innen schonn ee Bobby Cart kaf haten fir Mario Kart duerch d'Rhein-Energie-Stadion ze spillen, soe mir dem Mathias Olesen

Villmools Merci, dass hien sech d'Zäit geholl huet fir op dëser Visitt puer Insights a säin Alldag als Fussballprofi ze ginn.Du koum den trauregste Moment vun der REEL, à part vun der Camionnette vum REELs Comité déi ofgeschleeft gouf an dem futtisse Bus, nämlech dem REELs Comité, der Stad Köln an de Participantë Merci an Äddi soen.

Op dëser Plaz ass dann och de Moment komm wou mir als ACEL dem REEL s Comité Villmools Merci soen, dass si sech der Aufgab gestallt hunn an eis an de REELaane:innen wonnerschéi 4 Deeg a gudder Ambiance erméiglech hunn.

Mir hoffen, dass d'Sophie Mangen seng Stëmm erëmfonnt huet, dass d'REEL nach e puer mol méi oft zu Köln stattfanne wäert an, dass déi REEL 2025 genee sou "reiwungslos" oflafe wäert.














© Luxpress / Lisa Schweig / REEL / Maison du Grand-Duc

# 40 JOER ACEL ANNIVERSAIRE

De 26. Oktober 2024 huet d'ACEL hire 40. Anniversaire am European Convention Center um Kierchbierg gefeiert. Jo, den éischten ACEL Comité ka mëttlerweil an d'Pensioun!

An enger gemittlecher a feierlecher Atmosphär huet d'ACEL ronn 150 Gäscht begréisst, dorënner d'Madamm Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung Stéphanie Obertin, den Här Minister fir Educatioun a Logement Claude Meisch, de fréieren Héichschoulminister François Biltgen, sou wéi d'Madamm Buergermeeschtesch vu Lëtzebuerg, Lydie Polfer, an eisen absoluten Éiregaascht, de Grand-D.. ah dee war leider net do, dofir hate mir awer de Kimon an de Jenc!

No der Empfangszeremonie huet d'Scéance Académique, den éischten offiziellen Deel vun der Feier, ugefaang. De Premier Étudiant Kimon Leners huet mat enger Begréissungsried den Optakt gemaach, gefollegt vun enger Ried vun der Ministesch an enger Interventioun vum Ben Svettendorf, dem President vun der Amicale vun der ACEL.

Nodeems dës Qualitéitsrieden ofgeschloss waren, stoungen Table-ronden um Programm. D'Haapttheme vun dëse waren d'Entwécklung vun der ACEL zu „dem Studentevertrieder", d'Entwécklung vum „Student fir 1 Dag", d'Aarbecht vun der ACEL a Krisenzäiten an de Studentebal am Laf vun der Zäit.
De Malik Zeniti, Grënnungsmember vun der ACEL hat souguer den UrUrUr-Guide dobäi an de REELs Pinguin vun 2011 duerft och net feelen.

Effektiv ass et och zu enger Episode vun "Vermisst" tëschent dem aACEL Presi Sven Bettendorf an dem André Biwer vum Ausseministère komm. Déi zwee hunn sech no fréien, laangen an intensiven Telefonater wärend der COVID-Zäit dann endlech déi eischte Keier an der reeller Welt gesinn.

Nom Ofschloss vun den emotionalen Table-ronden gouf et e klenge Patt ze drénken, éier d'Invitéeën da bei d'Iessen iwwergaange sinn, dat vun enger Feier gefollegt gouf.





Um Dësch mat der Doktesch-turned-Ministesch gouf och dei eng oder aner Iddi gesponnen fir d'Regierung fit ze halen.

Zum Beispill méi sportlech aktiv ze ginn a géint d'ACEL Padel ze spillen, oder eng Chamber-Ekipp fir den Tournoi de Noël op d'Been ze stellen. Mol kucken wéini dësen Dram da Réalitéit gëtt. D'Feier, wéi all ACEL Event, war ee super Erliewnis. Obwuel, oder grad well all zweet Lidd e kölscht Karnevals Lidd war.

Mir soe jidderengem Merci, deen d'Méiglechkeet hat un dësem historeschen Event deelzehuelen an dëst zesumme mat eis ze feieren!

P.S. e besonnechen a persénleche Merci un d'Myriam vun der Amicale waat mech no mengem gescheiterte Versuch gläichzäiteg ze trëppelen, ze drénken an um Handy eppes ze kucken, versuergt huet éier d'Ambulanz komm ass<3



© Hervé Montaigu / Editpress

# PRESI-ANEKDOT 2024


“Retirement, here I come!” Dat ass d’Motto vun eisem President, dem Kimon Leners, no dësem Joer – an dat net ouni Grond! Mee net nëmmen hien huet sech deslescht méi mat der Pensioun beschäftegt, och mir vun der ACEL waren déif an der Thematik involvéiert. Vu spannenden Diskussiounen an enger Ëmfro bis hin zu enger Entrevue mat der Madamm Ministesch Martine Deprez – mir hunn eis als Student:innen, trotz eisem jonken an zäertlechen Alter, komescherweis immens intensiv mat der aktueller Pensiounsreform beschäftegt.

Villäicht war et d’Virfreed op eng fräi Zukunft oder einfach d’Chance, schonn emol fir eis Pensioun virzesuergen, einfach vill ze grouss. Villäicht läit et och dodrunner, dass mir Drock vu Student:innen kruten, déi gläich schonn um Pensiounsalter dru sinn.



# MEMES 2024


SKIP
de SKIP


Types of Headaches
Migraine
Hypertension
Stress
Greenevent




LEFT
EXIT 12
Schaffen an oppe Kommunikatioun
Ghosten
Rafael


LYDIE
GREGORY
4. JULI


Jamie
Corporate needs you to find the differences between this picture and this picture.
They're the same picture.








JOY








Froe vum Dag
• Wéi gutt oder schlecht sinn d'Unisabsolventen haut op hiren Job virbereet?
• Wéi verännert d'Digitaliséierung déi Kompetenzen, déi een haut um Aarbechtsmarché brauch?
• Wéi schnell kenne sech Schoulen an Universitéiten op déi Verännerungen astellen?
• Wéi vermettle mer jonke Leit déi Kompetenzen?
• Sollt een Angscht viru Kenschtlecher Intelligenz hunn?






ACEL




SPORT4LUX BONG




ALEM
Bluttspendmarathon 2024







ACEL
de Studentevertrieder